

Lëtzebuerg, de 7 September 2022

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung weiderzeleeden:

« An der Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nr. 4907 vun 2021 war matgedeelt ginn, datt zu Lëtzebuerg kee ‚Vétérinaire pour tous‘ wéi en am Frankräich existéiert, virgesi wier. Persounen, déi Problemer hätte fir den Traitement vun hirem Déier opzekommen, kréichen och net mat Subventiounen gehollef. Virop gouf sech op Déiereschutzassociatiounen beruff, déi zum Deel vum Ministère subventionéiert wieren.

Bei munchen Déierendoktercabinetten oder Klinicken, schéngt et awer virzekommen, datt wann de Besëtzer d'Rechnung vu sengem Déier net ka bezuelen, de Veterinär d'Déier zeréckbehale géif. Dëst géif dann op eege Käschten traitéiert, an de Veterinär géif dono decidéiere wat mam Déier geschitt. Notamment, géifen dës Déieren an Asyl erënnerbruecht ginn.

Kierzlech Reaktiounen aus dem Secteur vum Déiereschutz hunn op déi schwierig Situatiounen an den Asyl er a bei den Organisatiounen higewisen. D'Äntwerten op rezent parlamentaresch Froen erklären, datt Persounen iwwer d'Besoinen an d'Käschte vun engem Hausdéier solle weider sensibiliséiert ginn.

An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung folgend Froe stellen:

- Contrairement zu de reegelméisseg Käschten, kann eng Noutfaloperatioun un engem Déier eng eemoleg méi héich Rechnung mat sech bréngen. Dierf e Vétérinaire en Hausdéier zeréckhalen oder weiderverméttelen am Fall wou dës net direkt ka bezuelt ginn?*

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

- *Ass dës Praxis dem Minister bekannt ?*
- *Wa jo, wéi vill där Fäll gouf et iwwert déi lescht 10 Joer zu Lëtzebuerg ?*
- *Wéi problematesch gesäit den Här Minister dës Praxis am Kontext vun der aktueller Situatioun vun den Asylere an änlechen Etablissementer ?*
- *Wou kënnen d'Besëtzer vun dësen Hausdéieren punktuell Hëllef ufroen ? »*

Mat déiwem Respekt,



Gusty GRAAS

Deputéierten